

Workshop zur Bildanalyse. Biller als Kommunikatiounsmëttel



Luxfilmfest - Jury Jeune



Marketing Seminar op 1ère: Wéi funktionéiert Marketing?



Encadrement mat Filmanalyse



Mediendag: e ganze Schouldag am Fokus vu Mediekompetenz

D'Sektioun A-LLCO vum LRSL behält d'Virdeeler vun der klassescher A als Sproochesektioun, ergänzt dës awer duerch modern an zäitgeméiss Coursen:

- √ ***4 Sproochen (Englesch, Spuenesch, Däitsch, Franséisch)***
- √ ***Englesch a Spuenesch um klasseschen A-Niveau***
- √ ***Däitsch a Franséisch um Niveau vun de B-G-Sektiounen***
- √ ***„Communication et Média" als een Haaptfach***
- √ ***„Pratiques des Médias" fir eegestännegt Schaffen***
- √ ***„Littérature Comparée" als modernt Literaturfach***
- √ ***Optionale Mathéscours***



***www.lrsl.lu***

**© LRSL, 2024**

LYCÉE ROBERT-SCHUMAN LUXEMBOURG



# Sektioun A-LLCO

## Déi modern Sektioun A!

## Sproochen, Literatur a Medien

www.lrsl.lu
secretariat@lrsl.lu

# Sektioun A-LLCO

## Eng modern un d'Liewensrealitéit ugepasste Sproochesektioun

D'Iddi vun der A-LLCO ass et eng modern **Sproochesektioun** unzebidden, op der Sproochen zwar weiderhi wichteg sinn, awer duerch modern nei Inhalter ergänzt ginn.

Däitsch a Franséisch ginn um Niveau B-G ënnerriicht, dofir gëtt et mat der **„Littérature Comparée"** awer e weidert Fach, dat Literatur op eng méi modern Siicht analyséiert. E Fach, dat et och just op eiser A hei am Land gëtt.

Dësen Niveau am Däitschen a Franséische soll et Schüler erméiglechen eng A maachen ze kënnen, och wann si an enger vun deenen zwou Sproochen net den Niveau hu fir déi klassesch A maachen ze kënnen oder ze wëllen.

Englesch a Spuenesch, zwou Weltsproochen déi um klasseschen A-Niveau ennerricht ginn, maachen däitlech datt eis A nach ëmmer eng Sproochesektioun ass.

**Kommunikatioun ass Sprooch.
Sprooch ass Kommunikatioun.**

**Dofir ass eis A-LLCO déi besser Sektioun A!**

Mat de Coursen **„Communication et Média"** a **„Pratiques des Médias"** komme ganz nei wichteg Kompetenze bäi. Mat Themen aus der Rhetorik, der Linguistik, der Filmanalys, dem Marketing, der Psychologie oder dem Journalismus bidden dës Coursen en ëmfangräichen Abléck an déi wichtegst Beräicher vun der Kommunikatioun.

Den am LRSL eenzegaartege Cours „Pratiques des Médias" soll e méi selbststännegt a praktescht Schaffe fir d'Schüler méiglech maachen.

Esou hunn d'Schüler op 3ème an 2ème net just e **Mediendag**, op dem déi ënnerschiddlech Medie vu Film, Fotographie oder Radio am Mëttelpunkt stinn, mee d'Schüler huelen och un anere Projeten aktiv Deel, ewéi z.B. beim Luxfilmfest, a schaffe selwer eegestänneg a praxisbezunn.

**Kommunikatioun ass e wichtege Bestanddeel vu quasi all Beruff an eiser Gesellschaft.**



**Medie gehéieren zu eisem Alldag an hir Roll wäert net manner wichteg ginn. Dofir ass e Mediecours op enger Sproochesektioun essenziell wichteg!**

Mathé ass op der A-LLCO just nach op der 3ème obligatoresch. Ab der 2ème hunn d'Schüler awer trotzdeem d'Méiglechkeet e fakultativen optionale Mathéscours ze besichen.

Dëse Mathéscours soll et Schüler erméigleche fräiwëlleg awer nach Mathé maachen ze kënnen, och wann si Mathé ewéi och op der klassescher A ab 2ème net méi regulär hunn.



D'Grille Horaire a weider zousätzlech Informatioune fannt Dir natierlech op eisem Internetsite.

LRSL LYCÉE ROBERT-SCHUMAN LUXEMBOURG